Béthune (F) 2024 / WM der Senioren

Bericht vum Fernand Schmitt vum 18.09.2024

Training haut an der Box 29. Et deet sech weider net vill mat de Fësch. Jo, ok, et sinn Natiounen do déi wuel fänken, mee awer net all ze vill. Et ass ganz schwiereg, a mir selwer hunn bis elo nach keng richteg Solutioun fonnt. Haut probéiert wéi et mat der Grondel weider goe kéint, wéivillt iwwerhaapt u Gewiicht gefaangen kéint ginn. Zwëschent 700 an 1200 Gramm. Méi war et net. Déi éischt Stonn ass dann nach gutt mee dann geet et rapid erof. De Frank huet zum Schluss en bëssen de Fësch era kritt an konnt dunn nach 5-6 normal Routaen fänken.

Et bleiwen nach 2 Deeg Training, a muer probéiere mer mol einfach déi éischt Stonn de Goubie ze fëschen, an dann duerno Fëscherei dobaussen ob der 12,5 bis 13,0 Meter Bunn.

Secteur A Endbox 6, do sëtze mer da Muer. Egal, weider ass flott an d' Ambiance och. Elo nach méi Fësch an Woch wier richteg perfekt.